ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Lëtzebuerg huet 2019 d'Présidence vun der IHRA (International Holocaust Remembrance Alliance).

An deem Kontext géif ech dem Här Staatsminister, dem Här Bausseminister an dem Här Justizminister gär dës Fro stellen:

1. D'EU-Beoptraagte géint Antisemitismus, d'Madame Katharina von Schnurbein, huet all EU-Staaten opgefuerdert, antisemitesch Strofdote separat ze erfaassen. Gëtt dat zu Lëtzebuerg gemaach?
2. D'IHRA huet am Joer 2015 op enger Plenière zu Budapest eng "*non-legally binding working definition of antisemitism*" ugeholl. Ass Lëtzebuerg och bereet, fir dës Definitioun unzehuelen oder wëll Lëtzebuerg eng aner Definitioun vum Antisemitismus applizéieren?
3. D'Europäesch Parlament huet d'EU-Memberstaaten opgeruff, en nationale "Coordinateur" géint Antisemitismus ze ernennen. Wat sinn d'Intentioune vun der Lëtzebuerger Regierung an där Hisiicht?
4. Wéi eng Ziler huet Lëtzebuerg fir seng Presidence vun der IHRA?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique